Léif Guiden,
Léif Scouten,

An de leschten Deeg hu Dir dem ganze Land bewisen, wat et heescht e Scout ze sin.
An enger Situatioun, wéi mir se hei am Land nach nët kannt hun, hu Dir Iech ouni laang ze zécken an den Déngscht vun de vulnerabelsten aus eiser Gesellschaft gestallt, an zanterhier hëlleft Dir dagdeeglech duerch kleng awer bedeitend Gesten den Alldag vun anere Leit e Stéck besser ze maachen.
Ären Engagement, grad esou wéi deen vun esou villen vun eisen Matbierger gëtt besonnesch deenen Hoffnung, déi am uergsten vum Coronavirus a senge Suitte betraff sin an dofir op Hëllef ugewise sin.

"All Dag eng gutt Dot" ass nët nëmmen een alen Scoutssproch. Dir beweist eis grad, dass een, andeems een dëse Sproch lieft, Freed an Zouversiicht an d'Welt brénge kann, ganz egal wéi d'Ëmstänn sin.
Seng Hëllef unzebidden an sech als Zil ze setzen, all Dag eppes Guddes fir d'Gesellschaft ze machen ass garantéiert de beschte Wee dës kritesch Zäit op eng positiv Manéier ze notzen.
Ma et ass souguer vill méi, well Dir gitt mam gudde Beispill fir an Dir inspiréiert mat ärem Behuelen anerer. Ëmsou méi wichteg ass ët, dass Dir Iech ärer grousser Responsabilitéit an dësen Zäiten bewosst sidd an am vollste Respekt vun den aktuelle Virschrëften handelt. Well och hei brauche mir gutt Virbiller, déi eis all zum Nomaachen encouragéieren.

Als ären Chef Scout wëll ech all eenzelnem vun Iech mäin déifste Respekt ausdrécken an Iech Merci soën fir ären exemplareschen Asaz.
Dir sidd eng Inspiratioun fir eis all, a mir sin houfreg op Iech!

An deem Esprit vu Solidaritéit a Courage wäerte mir duerch dës Kris kommen.
Dofir maacht weider esou!

Ären Chef Scout